PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Et existéiere verschidde Bilanen, mat deene Bëbeeën a kleng Kanner evaluéiert ginn, ob si sech hirem Alter entspriechend entwéckelen. Wa Kanner bei dëse Bilane méi schlecht ofschneiden, wéi dëst normalerweis de Fall ass, sou kann dat op eventuell Entwécklungsstéierungen hiweisen. Dës Bilanen si fräiwëlleg, et gëtt also keng Obligatioun, fir un dëse Bilanen deel ze huelen, allerdéngs ginn deelweis finanziell Incentiven fir eng Participatioun proposéiert.

Beim Bilan 30 solle sproochlech Defiziter scho fréi festgestallt ginn an doduerch ka scho fréi mat enger Férderung ugefaang ginn, nach éier d'Kanner an de Cycle 1 kommen a se riskéieren, de Retard nëmme méi schwéier nees ob ze huelen.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5628 huet déi deemoleg Gesondheetsministesch geäntwert, dass just 48,1% vun den Elteren de Bilan 30 vun hire Kanner maache loossen an den Taux de participation an de leschte Jore stabel war. Den SNE fuerdert, dass de Bilan 30 sollt obligatoresch fir all Kand gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Ministesch der Fuerderung géigeniwwer, fir de Bilan 30 fir all Kand obligatoresch ze maachen?

2. Wéi vill Kanner kënnen all Mount fir e Bilan 30 evaluéiert ginn?

3. Wéi vill Kapassitéiten sinn all Mount nach disponibel fir Kanner ze evaluéieren?

4. Ëm wéi vill kéinten d'Kapassitéiten kuerz-, mëttel- a laangfristeg ausgebaut ginn, fir nach méi Kanner ze evaluéieren?

5. An der Äntwert op eng Fro sot déi deemoleg Ministesch:
   *"Des projets de sensibilisation directe et ciblée des parents et des professionnels de la petite enfance sont actuellement élaborés par le Service audiophonologique. Les orthophonistes de ce service ont développé un module de formation concernant l'évolution normale et pathologique du*

*langage et sa stimulation. Ce module sera proposé aux jeunes parents (sur invitation) et au milieu de l'éducation non-formelle (personnel des crèches et des maisons-relais) au cours de l'année 2022."*

Goufen dës Projete, wéi an der Äntwert annoncéiert, schonn ëmgesat?

- Wa jo, leien hei schonn Analysen iwwert den Erfollëg vun de Projete vir a wat sinn d'Resultater vun dëse Projeten?
- Falls nach keng Resultater iwwert den Erfollëg virleien, wéini sollen dës publizéiert ginn?

6. Wéi laang sinn an der Moyenne d'Waardezäiten, fir ee Rendez-vous fir de Bilan 30 ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten